2021/22: COURS À OPTION – CLASSES DE 2E/1ERE

Titre : **Lëtzebuerger Sprooch a Kultur**

Titulaire(s) du cours:	BLEY Claudine, BRECKLER Christine
Classes, jours et horaires :	2e et 1ère, vendredi, 12h35-14h20
Salle :	salle de classe
Nombre maximal d'élèves:	-

Finalités et objectifs de l'option

Wollts du schonns ëmmer wëssen, wéi een d'Lëtzebuergescht richteg schreift? Wëlls du dech besser op Lëtzebuergesch ausdrécke kënnen, sief et am Schreiwen oder am Schwätzen? Hues du Interessi dorun, méi iwwert d'Land a seng Kultur gewuer ze ginn?
An der méisproocheger a multikultureller Gesellschaft huet déi lëtzebuergesch Sprooch e ganz besonnesche Stellewäert: Si ass Kommunikatiouns-, Integratiouns- a literaresch Sprooch. Dofir gëtt et och ëmmer méi wichteg, sech mat Lëtzebuerg a senger Sprooch auserneenzesetzen.

Programme

Op Basis vun enger Aféierung an d'Lëtzebuerger Sprooch an an d'Orthografie kriss du kulturell Inhalter vermëttelt, wéi d'Lëtzebuerger Geschicht, d'Literatur, den Theater, d'Mediegeschicht mat Film, Radio a Kino, Lidder, d'Diktioun an nach villes méi.

Méthodologie, déroulement

Bass du elo virwëtzeg ginn? Ma da komm einfach an d'Optioun „Lëtzebuerger Sprooch a Kultur"!
Du léiers d'Schreifweis kennen a beschäftegs dech mat kulturellen Aspekter. Donieft gëtt de Cours opgelackert duerch Auteursliesungen souwéi duerch Musées- oder Theatervisitten.

Public cible

All Schülerin a Schüler vun all Sektioun ass wëllkomm.

Equipement requis

-